ChaosMeeting 2019/07

Date	25/03/2019
Time	19:30
Location	ChaosStuff
Location Opening	~18:00
Administrative Council Attendees:	virii, metalgamer, deflenken
Minutes Recording	deflenken

Agenda

- Social Events – deflenken
- Finanzen & Funding – deflenken & metalgamer
- Internet – deflenken
- Mini Maker Faire – deflenken
- 72h Bénévolat – deflenken
- Internetseit fir't Entente – deflenken
- Siège social – deflenken
- Aktiven Dateschutz A.S.B.L. – deflenken
- Feedback Demo – deflenken
- Luxexpats – deflenken
- Status FreiFunk GW fantawams

Minutes

Social Events

Mir beliewen erëm Aktivitéiten wei SparkUp etc. Am beschten soll dat Samschdes sinn. Den metalgamer schléit fir 1x am Mount een Event ze mann. Hee mécht een RT Ticket op fir dass déi Leit déi wëllen matmaachen kennen do zsm schaffen. D'Idee komm och op fir CryptoPartyen ze organiséieren.

Finanzen

Alles wat vum Club soll bezuelt ginn muss duerch den RT (Funding) ugefrot ginn ausser d'Spacomemberen déi dierf d'Iessen an Gedrénks esou kafen ouni Accord.

Internet

Nodeems mir der VO ugeruf hun an d'Post net wees wou hieren Postkapp an den Kabel ass rufen mer der VO erem un -.-

Mini Maker Faire

D'Formulaire ausfëllen huet den metalgamer gemaach. Den metalgamer këmmert sech em Memberskaarten fir déi matzehuelen. Den fantawams huet een Doodle ronderëm geschéckt fir kennen un den Projeten déi mer mathuelen ze schaffen. Mir kafen nach 1xLockpingset. Mir huelen dem metalgamer säin 3Ddrucker mat an dem orimpe säin Eggbott mat. D'Game of life huelen mer och mat.

72h Bénévolat

Dat geet net méi gemaach souwäit mer dat gesinn hunn...

Internetsait fir't Entente

Mir maachen hinnen eng eegen Websäit, am beschten Wordpress. D'Entente muss sech een Server lounen. Mir erklären hinnen och wei alles geet. Virdrunner mellt den metalgamer sech bei hinnen an mécht mat hinnen een RDV aus fir Méindes .

Siège social

Op der AG vun der Entente vun de Veräiner goufen mer informéiert dass mir eisen Siège social net dürfen am Gebai vun der Gemeng hunn. Den deflenken freet VDL wei dat geet wann mir eisen Siège social nemei an der Staat hunn op mir dann awer nach Subsiden kréien. Wann jo dann maachen mer eng EGA an schloen fir dass eisen neien Siege Social beim metalgamer ass. Wann net dann mussen mer eis een RDV mat der Gemeng froen.

Aktiven Datenschutz A.S.B.L.

Den deflenkenmellt sech bei hinnen op sie interesseiert wieren eng Keier Meindes hei lanscht ze kommen.

Feedback Demo

Piratepartei well eng Feedbackversammlung ofhalen. Mir kritiséieren d'Streck, si hätten sollen eisen Megaphone huelen amplaz hiren mega schlechten Mikro et soll virdrunner festgehalen ginn wenn braddelt. Enner anerem soll eng besser Auerzäit gewielt ginn fir Versammlungen ofzehalen an eng méi neutral Platz.

Luxexpats

Den metalgamer schreift hinnen mol.

Status FreiFunk GW

Den metalgamer an den Thomas kucken mam George wei wat wou.

Reckblëck: RCSL ass ugefrot wéinst der Ännerung vum Sekretärposten D'Spaco war akafen.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:chaosmeetings:2019:cm-2019-07&rev=1553546418

Last update: **2019/03/25 21:40**